



Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 5723 vum 9. Februar 2022 vum honorabelen Deputéierten André Bauler

Den honorablen Deputéierten freet ob d'Buslinnen am Éislek géifen iwwerpréift ginn, fir se de Bedürfnisser vun de Leit, a besonnesch deene Jonken, déi an d'Schoul fueren, unzepassen.

Meng Servicer sinn am gaangen zesumme mat de betraffene Gemengen eng adequat Léisung ze fannen, déi och mëttel- an laangfristeg Sënn mécht. An der Tëschenzäit hu mir scho verschidden Upassunge gemaach a schaffe weider drop hin fir jidderengem schnellstméiglech entgéint ze kommen.

Wat Zielungen ugeet, sou mécht d'Verwaltung fir ëffentlechen Transport bei all Schoulrentrée grous Kontrollen, dëst bei all Campus oder Lycée. Während dem Schouljoer ginn punktuell Zielunge gemaach, des op Ufro vum MENJE, vun Elteren/Schüler oder nach vu Busbetriber déi eis a Kenntnis setzen dat et e Problem gëtt.

Folgend Offeren bidden sech de Schüler aus der Gemeng Géisdref un:

- Linn RGTR 608 bis op Kautebaach an dann op den Zuch ëmklammen fir an de Clierfer Lycée
- Linn RGTR 610 bis op Giewelsmillen an dann op den Zuch ëmklammen bis an d'Nordstad

Aner oder eventuell direkt Verbindungen missten nach iwwerpréift ginn, och wat d'Zuelen vun de potentiellen Notzer ugeet.

Lëtzebuerg, den 28. Mäerz 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch